**Joresbericht Teatro Bus 2018**

Wat an de läschte Joren entstaan as, a wat mer nach alles Welles hun, berichten ech gären: De ''klenge Projet'' Teatro Bus as zu enger sozialkultureller Organisatioun erugewuess. Highlight dest Joer war d'Aweiung vun eisem eegenen Minbus, deen verschidden letzebuerger Organisatiounen a Frenn finanzéiert hun. Lo erobere mer mam farwege Minibus d'Stroossen hei am Armevéirel, mat faarwegen Emzig an danzende Kanner op Stelzen, deren geschminkten Gesiichter strahlen. Den Dreck op de Stroossen, den Drogekonsum op hellischtem Dag, si just eng Koulisse. Keen kann eis drun henneren, mat kulturellen Aktivitéiten Freed ze verbreeden. Och immigrante Kanner äus Peru a Venezuela fannen bei eis eng wärtvoll Fräizäitbeschäftegung.

Teatro Bus besteet mettlerweil säit 8 Joer, mir sin 15 professionell Matarbechter an organiséiren emmer gréisser kulturell Eventer matten an de Stroossen vun der ''Quinta Bella'', en Armevéirel hei zu Santiago de Chile. Mettlerweil hu mir eis och zesummegeschloss mat aaneren sozialen Organisatiounen hei am Armevéirel a bei eisen Präsentatiounen setzen bis zu 300 Leit am Publikum.

Theater spillen mat Kanner a Jugendlechen as weiderhin d'Härz vum Projet. Mir hun 2 fest Theatergroupen, an eise Proufsall konnt endlech an en richtegen Theatersall verwandelt gin: lo hu mir schwarze Stoff als Rideaux'en un de Mauren ubruecht. Fir eis e wichtege Schratt fir d'Magie vum Theater net ze verléiren. Niewt den wöchentlechen Prouwen, luede mir och emol professionell Theatergroup'en an an léiren vun hinnen bäi. Oder emgedréint: Mir si vun der Uni agelueden gin, fir den Theaterstudenten ze erzielen, wat sozialen Theater as.

Am Januar 2017 wor ech zu Letzebuerg a konnt ech och virun villen Frenn an Interesséierten en Virtrag haalen iwer eis eegent Konzept vun Theaterarbecht, eng sozial Arbecht, déi sech tescht Konscht a Pädagogik bewegt.

Och no 8 Joer si mir weiderhin zu 100% äus Letzebuerg finanzéiert. Privat Spender an d'Ong Niños de la Tierra, d'asbl Andamos an den Fitnesscenter Just Move loossen eis net am Reen stoen. Trotz allem musse mir fir 2018 och chilenesch Gelder secher stellen, bis elo déi gréissten Eräusfuerderung! Och d'Elteren vun de Kanner musse mer mat aschléissen, fir gemeinsam Aktiounen ze starten, an Suen ze sammelen. Aktiv Elterenaarbecht as eng wichteg an noutwendeg Arbecht, fir de Projet weider wuessen ze loossen.

2018 konnte mir en Psycholog stellen, deen mat enger Kannergroupe Psychodrama durchféiert. Theater als Therapie, fir all déi Kanner, déi a ganz schwierege Verhältnisser liewen an am Theater e Ventil fanne kennen, fir hier Erliewnisser ze verschaffen. Mee de Psycholog soll och eemol am Mount fir d'Elteren en Workshops duerchféiren, iwer Themen zur Erzéiung. Opklärungsarbecht, als weideren Deel vum Projet.

Wellt dir en aktive Sponsor gin, da mellt iech per Mail: teatrobus.chile@gmail.com

Ech well och op desem Wee nachemol all eisen Frenn zu Letzebuerg an an Däitschland MERCI soen fir déi generéis Don'en, déi eis emmer erem iwer Waasser haalen.

**Eis Partnrorganisatioun ''Niños de la tierra'' hellt Spenden fir eis zu Letzebuerg entgéint:**

**Postkonto ONG ''Niños de la Tierra'' (Letzebuerg):**

Kontonummer: (IBAN) LU75 1111 0897 7348 0000
(BIC-Nr): CCPLLULL / Betreff: Teatro Bus

Ech invitéiren iech, eisen aktuellsten an dretten mini Dokumentarvideo op letzebuergesch op Youtube unzekucken: (link-→ *Teatro Bus Dokumentarfilm 3)*

Aktuell Infoen fannt dir op eisem Internetsite: www.teatrobus-chile.com an vill Fotoen op Facebook:Teatro Bus Quinta Bella.

Léiw Gréiss äus dem sonnege Santiago de Chile, an hoffentlech bis geschwenn ☺.

Diane Catani